**Communiqué vum Morgan Engel, Gemengeconseillère zu Déifferdeng**

Et war keng einfach Decisioun, de Piraten de Réck ze dréien. Mee déi aktuell Situatioun vun der Partei, op déi ech net wëll weider agoen, mécht den Ament all politesch Aarbecht onméiglech. Well ech awer mäi Mandat, dat d'Wieler mir zu Déifferdeng uvertraut hunn, responsabel ausfëlle wëll, hunn ech decidéiert, no laangen Iwwerleeungen a Gespréicher, mech der LSAP-Fraktioun am Gemengerot unzeschléissen.

Der LSAP hir Valeuren an hire Grondsazprogramm, gezeechent vu Solidaritéit a Gerechtegkeet, esou wéi hire Wëlle politesch no vir ze kucken, sinn Elementer, déi ech zënter ëmmer deelen. Ech sinn duerfir iwwerzeegt, datt ech meng politesch Aarbecht am Beschte mat, an an der LSAP ka weidermaachen.
Et ass déi beschte Manéier, fir mech weiderhi fir d'Interesse vun Déifferdeng a sengen Awunner anzesetzen.

Morgan Engel

Déifferdeng, den 21. Oktober 2024